N°7473
Entrée le 16.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.01.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Tourismus weiderzeleeden.

Am Naturpark Öewersauer ass eng Hängebréck iwwert dem Stauséi geplangt. Des Bréck géif d'Mobilitéit erliichteren an esou zu enger méi nohalteger Beweegung an der Regioun bäidroen. Nieft der Opwäertung vum Naturentdeckungszentrum Buerfelt, wier dës Hängebréck eng Attraktioun fir Wander- a Naturtouristen a géif sech sécherlech positiv op den Tourismus am Land auswierken. D'Gemeng Bauschelt huet allerdéngs net déi finanziell Ressourcen, fir de Bau vun der Bréck eleng ze droen an ass dowéinst op Hëllefen ugewisen. Bis elo war et méiglech, dass de Staat d'touristesch Projete vun de Gemengen, déi net genuch finanziell Mëttelen hunn, bis zu 70% mat finanzéiere konnt. Den 11. "Plan quinquennal" (Gesetzesprojet 8050) stellt awer déi nei Bedéngung, dass d'touristesch Projete vu nationalem Interessi musse sinn, wann d'Subventioune méi héisch wéi 50% solle sinn.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister dës Froe stellen:

- Ass déi geplangten Hängebréck dem Här Minister no e Projet vu nationalem Interessi?
- Wa net, wéi eng Krittäre misst déi geplangte Bréck erfëllen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Carlo Weber
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°7473
Entrée le 09.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

**Äntwert vum Minister fir Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 7473 vum 16. Januar 2023 vun der Madamm Deputéiert Francine Closener an vum Här Deputéierten Carlo Weber.**

D'Decisioun, ob en touristesche Projet vun nationalem Interessi ass, an domadder zu méi wéi maximal 50% vun der Generaldirektioun fir Tourismus ka finanzéiert ginn, ass - wéi am leschte Gesetz iwwer de Programme quinquennal vum Tourismus an awer och am neie Projet de loi iwwer den 11. Programme quinquennal virgesinn - eng Appreciatioun an Decisioun vum Regierungsrot.

Fir dass dëst ka geschéie muss de Porteur de Projet, an dësem Fall z.B. d'Gemeng Bauschelt, eng Demande bei der Generaldirektioun vum Tourismus stellen.

D'Gemeng Bauschelt huet de Projet schonns am Ministère virgestallt, allerdéngs huet si am 10. Programme quinquennal der Generaldirektioun fir Tourismus keng schrëftlech Demande fir eng allgemeng Finanzéierungshelléf oder fir d'Unerkennung vum nationalen Interessi fir de Projet vun der Hängebréck am Naturpark Öewersauer agereecht. Eng Demande fir den 11. Programme quinquennal kann agereecht ginn, soubal de Projet de loi 8050 iwwer dëse Programme, deen den 20.7.2022 déposéiert ginn ass, an der Chamber votéiert ass.

Ouni der Decisioun wëlle virzegräifen, sinn ech der Meenung, dass dëse Projet vun enger Hängebréck eng grouss touristesch Plus-Value huet net nëmme fir d'Stauséigebitt, mee och fir d'Regioun an d'ganz Land.

Erlaabt mir awer nach Iech dorobber opmierksam ze maachen, dass am Gesetzesprojet 8050 et och virgesinn ass, dass an Zukunft Naturparken en Infrastrukturprojet am Plan quinquénnal kënnen areechen - wat an der Vergaangenheet net explizitt de Fall war. Doriwwer eraus ass am Gesetzesprojet effektiv net méi virgesinn, dass eng Gemeng opgrond vu feelende finanzielle Ressourcen, kann eng Exceptioun vun der Reegel vu maximal 50% Aide kréien. Dës Dispositioun ass erausgeholl ginn, well et ganz schwéier fir de Regierungsrot ze appreciéieren ass, wéini eng Gemeng déi néideg finanziell Ressourcen huet a wéini net. Dës Dispositioun ass effektiv och keng eenzeg Kéier an deene leschten 10 Joer ugewannt ginn.

Lëtzebuerg, den 08/02/2023

De Minister fir Tourismus

(s.) Lex Delles